

Neiegkeeten aus der Alstad




Comité Alstad a.s.b.l.

Grënnung 1937 • RCS Lëtzebuerg F4745

Grënnungsmember vun der Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun a.s.b.l.

ENG ZUKUNFT FIR ONS VERGAANENHEET

Aus onsem Fotoarchiv



Kapell an der fréierer Franziskanerklinik um Fëschmaart (Photo: Claude Esch 2010)



Dat fréiert Haus Esser an der Wiltheimstrooss
(Photo: Claude Esch 2008)




10.05.1940 - E Fändel den net an d'Alstad gehéiert
(Photo Batty Fischer © Photothèque VDL)



Déi fréier Jousephsklinik an der Siegfriedstrooss
(Photo : Claude Esch 1975)



1940 - De Groussherzogleche Palais
(Photo Onbekannt • Archives Comité Alstad)



2010 – Méchelskierch an Franziskanerklinik spigelen sech
an der Uelzech: (Photo Claude Esch © Comité Alstad)

Fotoë vun der Alstad gesicht.

De Comité ass zanter e puer Joer amgaang, e Fotoarchiv opzebauen, a wier ganz frou iwwert är Mathëllef.

Mir sinn op der Sich no Fotoë vun der Alstad (et können och Filmer sinn, déi dir selwer gedréit hutt). Dat können Architekturfotoë sinn, vu kulturelle Manifestatiounen, selbstverständlech och vun der Éimaischen. Och si mir intresséiert u Fotoë vu sportleche Manifestatiounen, déi sech um Fëschmaart ofgespillet hunn, Fotoë vu Fëschmaarter Veräiner an hiren Aktivitéiten, vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher wéi z. B. Prëscessiounen, Kommiounen asw., och Fotoë vu Leit, déi um Fëschmaart gelieft hunn. Jee, mir sichen all Zort vu Fotoën oder Filmer, déi mam Fëschmaart ze dinn hunn. Och intressant sinn natirlech Postkaarten vun onser Alstad an awer och vun onser Dynastie. Wén hëllefe kann oder weider Informatiounen brauch, soll op der Telefonsnummer 46 61 88 uruffen. Fir är Mathëllef elo schon e ganz grousse Merci.

Wëllkomm op der 194. ÉIMAISENCHEN an der Alstad



Et gëtt erëm Fréijoer : Ouschteren an domat och déi 194. Éimaischen an der Alstad sti virun der Dier. Mir si prett fir d'Éimaischen, mat gläich zwee neie Péckvillercher. Een aus den Atelier vun der Ligue HMC op der Cap, wéi all Joer an onse Faarwen orange a blo esou wéi eng Creatioun vun der Gewënnerin vun onsem Péckvillerchers-Concours, der Madame Sandra Pereira.

Zesumme mat de Responsabelen vum „Service Espace Public, Foires et Marchés“ vun der Stad Lëtzebuerg hu mir e flotte Programm fir Grouss a Kleng zesummegestallt.

D'Alstad ass elo komplett erneiert, vum „Roude Pëtz“ erof, iwwert de Krautmaart an d'Fleeschiergaass, duerch eng flott Éierepuert, déi onse Member Serge di Paoli kreeiert huet, erof op de Fëschmaart. Elo hoffe mir, datt nees vill Leit de Wee op dat beléifst Volléksfest vum ganze Land fanne wäerten.

Eng Éimaische „wéi fréier“, mat Péckvillercher a villen aneren ierdene Konschtwicker erwaart all Frënn a Sammler. Et gëtt beim Comité Alstad een neie Péckvillchen an den traditionelle Faarwen orange a blo, entwéckelt a produzéiert vun der Ligue HMC op der Cap. Awer och a limitéierter Zuel ee vun Hand produzéierte Péckvillchen vun der Madame Pereira, der Gewënnerin vun onsem Péckvillerchers-Concours vun 2020.

Fir ons kleng Gäscht gëtt et nieft de Péckvillercher och nach vill aneres z'entdecken: Eeërschëllen a „Facepainting“ mat gläich zwou Kënschtlerinnen, an e neit Stéck „Kollegen“ vum Pit Vinandy, mam Poppentheater Hoplalbum.

De komplette Programm vun der 194. Éimaischen fannt dir op den nächste Säiten.

Ech wünschen lech all schéin Ouschteren an hoffen, ons op der 196. Éimaischen Ouschterméindeg erëmzegesinn.

Guy Jourdain
President



2 Péckvillercher fir d'Éimaischen

Fir déi dësjäreg Éimaischen bidd de Comité Alstad lech 2 flott Péckvillercher un. De Péckvillchen'CA23 an den traditionnel Faarwen orange a ble vum Comité Alstad gouf entworf an och produzéiert am Keramikatelier vun der Ligue HMC op der Cap. De Péckvillchen'CA23 kascht 30 €.

De Péckvillchen'Sandra23, entworf vun der Madame Sandra Pereira, gouf och an hirem Atelier produzéiert a kascht 35 €.



Péckvillchen'CA23



Péckvillchen'Sandra23

De Péckvillchen'CA23 an de Péckvillchen'Sandra23 kënne bestallt ginn duerch Iwwerweise vun der entspreechender Zomm op onse Kont bei der Spuerkeess:

**IBAN LU64 0019 1755 0897 0000
mam Vermierk Péckvillchen'CA23 oder Péckvillchen'Sandra23**

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Péckvillchen'CA23 oder de Péckvillchen'Sandra23, Ouschterméindeeg, den 10. Abrëll 2023 op der Éimaischen um Fëschmaart um Stand vum Comité Alstad, um Rouscht hannert dem Palais, mueres vun 08:00 bis 17:00 nomëttes.

Wien net op d'Éimaische ka kommen, huet d'Méiglechkeet, seng Bestellung ofzehuele bei ons am Büro op N° 14 an der Siegfridstrooss (dat fréiert Paschtoueschhaus vu St. Méchel, vis à-vis vum Staatsrot) um Fëschmaart, vum 11. bis den 14. Abrëll 2022 vu mueres 09:00 Auer - 12:00 Auer.

Den Erléis vum Péckvillchen'CA23 an dem Péckvillchen'Sandra23 ass fir d'Crèche um Plateau Almënster.



Face-painting - Eeërschëllen – Poppentheater



esou e groussen Erfolleg wor, hu mer dëst Joer eng zweet professionell Make-up- Artistin derbei.

Um Stand vum Comité Alstad hu mer vun 10 Auer u fir ons kleng Frënn och nees d'Eeërschëllen. Och um Stand vum Comité Alstad établéiert sech d' Valentina Becker, eng professionell Make-up-Artistin, Member vum Comité Alstad, mat hirem Face-painting Stand, wou déi kleng Butzen vun 10 bis 17 Auer déi schéinstan an faarwegste Motiver, vun Tiger bis Päiperlek oder esouguer de Péckvillchen an den Faarwe vum Comité Alstad, an d' Gesicht gezaubert kréien.. A well dat d'lescht Joer



Seit dem Joer 2020 hu mir och erëm en ale Brauch ausgegruewen, an zwar „Eeërschëllen“, dat 1982 fir d'lescht vun de Kanner gespillt gouf. Eeërschëllen ass e Brullen, oder besser gesot Erofrulleloosse vun Eeër iwwert eng Holzschinn. Wann een da mat sengem Ee eent vun deenen Eeër, déi um Buedem leien, téckt, dann huet een dat gewonn. Et gëtt gespillt vun 10 Auer u bis keng Eeër méi do sinn. All Kand ass invitéiert fir mat ze spiller.

Enn der 30er-Joeren hat de Comité Alstad och e Kasperltheater um Programm. Déi Tradition hu mer erëm opliewe gelooss. Mir invitéieren all ons kleng Frënn op e flott Stéick, dat ons de Poppentheater Hoplalbum présentéiert, am Musée vun der Geschicht a Konscht, Ouschterméinde Nomëttes um 15:00 Auer.

De Poppentheater Hoplalbum spillt

„Kollegen“

D'Déiären hun d'Flemm mam Parkwiechter, a wëllen lass gin. Si stiichten him der drop an derwidder, maache richtge Mobbing, bis den Här Ackermann séng Aarbécht verléiert an och nach doheem erausflitt. Mee de Wuppes ass net averstan an iwwerried d'Kanner aus dem Publikum dozou, dem Parkwiechter ze hëllefen. Am Stéick si vill Momenter agebaut, déi Raum fir Improvisatioun loossen, je no deem wéi de Publikum reagéiert. Doduerch ass kéng Virstellung d'selwecht wéi déi virdrunn.




**Et sief awer och nach gesot datt de Face painting, d'Eeërschëllen
an de Poppentheater Hoplalbum gratis sinn.**

De Comité Alstad, d'Éimaischen an och aneres

Zesummegestallt vum Claude Esch

D'Éimaischen ass en Emmausmaart. De Maart ass op Ouschterméinde, well deen Dag d'Aulebäcker an der Méchelskierch an der aler Stad hir Zonftmass gefeiert hunn. No der Mass goufen op der Plaz virun der Méchelskierch lerdewuere verkaf. Virwat grad op Ouschterméinde? En Emmaus-Maart gouf et bestëmmt och nach énzwousch anesch. Am Brevéier, fir méi genau ze sinn, an der Priedegt vum hellege Gregorius, gëtt op dem Dag vun Ouschterméinde d'Handwierk vun den Aulebäcker ernimmt. Firwat eigentlech grad deen Dag? Dat wësse mer net, an dat ass och net méi erauszefannen. Mee eent ass sécher, op alle Fall gouf et hei an der Méchelskierch, oder wéi déi Alstater nach haut soen « op Dominikaner », eng Aulebäckeschmass op Ouschterméinde. A wéi seet schonn onse Spezialist a Saache Folklor, den Alain Atten: « Eng Dëppébäckeschmass op Emmausdag ass nach laang keng Éimaischen ». Iwwert a vu festleche Gebräicher an der Alstad kann een an deenen ale Regëschtere vun der Theobaldusbrudderschaft villes nokucken. Iwwert all Zonftmass wësse mer Bescheid, mee iwwert ons Éimaische fanne mer keng Zeil an deenen alen Dokumenter. A kenge vun deene ville Maartstatistiken, déi an onsem Nationalarchiv versuergt ginn, sief dat aus der Zäit vun den Éisträicher, oder vun de Fransousen, fanne mer eppes iwwert ons Éimaischen. Ass et méiglech, datt d'Éimaischen vun de Fransouse ganz ofgeschaf gouf? Den Emmaus-Maart hat vlächt esou u sénger Bedeutung verluer, datt d'Theobaldusbrudderschaft et net méi fir néideg fonnt huet, fir dorriwwer ze schreiwen. Mee eent ass sécher, datt wann et eng Zonftmass op Dominikaner gouf, gouf et och op der Plaz virun der Kierch e Maart. Leider wësse mer net, wéi laang et schonn den Aulebäckeschmaart op der Plaz virun der Méchelskierch gouf.

Eng éischte Kéier gëtt déi Fëschmaarter Éimaischen ernimmt an enger offizieller Maarkorrespondenz. Et handelt sech hei ëm e Bréif vum 3. Abrëll 1827, deen de Polizeikommissär Jemp Müllendorf un de Schefferot vun der Stad Lëtzebuerg geschriwwen huet:



“Nobles et honorables seigneurs – Le lundi de Pâques se tient une petite foire, principalement en poterie, en face de l'église Saint-Michel, et elle attire un grand rassemblement de monde, surtout d'enfants. Quoique la rue soit large en cet endroit, le passage s'est trouvé obstrué ce jour et quoique ce ne soit plus jour de fête, l'office divin se fait comme autrefois dans la susdite église. Par conséquent ce rassemblement de monde et de tumulte qui en est inséparable, sont très indécents en ce lieu. Je proposerai donc à vos seigneuries de transférer cette foire sur la grande place du Marché aux poissons qui réunit en elle-même tous les avantages de la sûreté publique, la liberté des passages et un plus grand éloignement de l'église. On pourrait au besoin, pour prévenir les disputes que la cupidité de certaines personnes y fait souvent naître, pour occuper la première place, en faire la distribution la veille.”

De Bréif vum 3. Abrëll 1827
(Archives Stad Lëtzebuerg)


Schonn dräi Deeg méi spéit, also de 6. Abrëll 1827, huet de Buergermeeschter vun der Stad sengem Polizeichef eng schréftlech Äntwert geschéckzt : « Nous vous autorisons pleinement à prendre toutes les mesures que vous jugerez convenables pour la tenue de la foire d'Emmaus. » Et wor also de 16. Abrëll 1827, wéi déi éischte Éimaischen op der grousser Plaz um Fëschmaart ofgehal gouf, an dunn och hei definitiv Plaz fonnt huet bis haut. Mee némmen en

typeschen Aulebäckeschmaart wor et net méi, et wor nach just e Kreemchesmaart. Bis zum éischte Weltkrich gouf et ierde Spillsaachen op der Éimaischen ze kafen. Mir wëssen, datt déi Zäit schons d'Éimaischen vu ville Kanner besicht gouf. A wann ee Kanner seet, dann denkt een natierlech un d'Spillgezei, wat se do kaf kruten. A wat konnt ee schons op sou engem Aulebäckeschmaart vu Spillgezei kafen? Et kann ee sech virstellen, datt een dat ze kafe krut, wat onsen Nationaldichter Dicks 1883 a senge Létzebuerger Gebräicher opgezielt huet, esou zum Beispill: «Péckvillercher», «Spriddelcher», «Leinefässercher» an och «Weirachen». Wéi déi Nouspelter lewen esou lues a lues émmer manner gebak hunn, ass duerfir méi auslännesch Wuer op de Maart komm. - Während 20 Joer gouf et kee Létzebuerger Péckvillche méi.

Mir wëssen awer och dass am Joer 1871 wéinst dem Franséisch-Däitsche Krich d'Éimaischen ofgesot gouf.

An dunn ass et biergof gaang mat der Éimaischen. Zénter 1914 si Joer fir Joer émmer manner Leit op Ouschterméinde d'Fleeschieraass erofgetrëppelt, fir en Tour iwwert déi Fëschmaarter Éimaischen ze man. A wéi schons gesot, d'Éimaischen wor némme méi e Kreemchesmaart, et goufe keng «Hänschercher» méi, keng ierde Päifen, keng Tase mam Numm drop, déi ee senger Freiesch kaf huet, fir hir domadder ze soen, datt ee frout mat hir wir.

Wéinst de Kanner, a wéinst dem Profit, sinn du d'Geschäftsleit op d'Iddi komm, fir Péckvillercher aus der Eifel kommen ze loossem. Just dat bëssche Spillgezei an och e puer gro stengen Dëppe gouf et bis ufanks den drësseger Joeren. Mee mir wëssen awer och, datt am éischte Weltkrich, 1918, d'Éimaischen kuerzfristeg ofgesot gouf, (dat wor da scho fir d'zweet) well Fligerattacke gefaart goufen. No der Éimaischen an enger Sëtzung vum Gemengerot vum 7 Abrëll 1918 ass dunn e Kredit vun 2.500 Frang votéiert gi fir Händler fir déi ausgefallen Éimaischen ze entschiedegen.



Weider an den Alstad news 38



Die Emmaüs. (Momentaufnahme vom Ostermontag 1895.)

Den Hoffmanns Gust am Vollekmond de „Lépse Gust“ genannt

In Memoriam Gusty Hoffmann

*15. Mee 1896 - † 2. November 1960



Wann ee vun der Alstad schwätzzt, vun deene Leit, déi dra liewen a stierwen, ass et besonnesch ee Mann, un deen een denkt, deen d'Alstad verkierpert. Dat ass de Gusty Hoffmann. De Gust ass dout!

Mat senger Familljen zesummen traueren ém hien net eleng seng Frënn aus der Alstad, ma all déi stacklétzebuerger Bierger, deenen nach eppes un hirer aler Stad leit, an un hirem besonnesche Wiesen.

De Gust wor e Stéck vun der Alstad. Hie wor do gebuer, hie wor do opgewuess, do huet e sein Handwierk geléiert an ausgeféiert. Am deeglechen Ëmgank mat deene klenge Leit, deenen éierlechen, riichterausse Stater téscht Dominikaner an dem Gruef, krut hien de Sënn, fir d'Saachen an d'Mënsche richteg ze gesinn an ze bürteelen. Hien hat déi Weisheet, déi een esou gär mat knappe Wieder ausgedréckt huet, an déi geklongen huet wéi Spréch aus ale vergaangenen Zeiten, erausgewuess aus dem Fëschmaarter Buedem.

De Gust huet mat Leif a Séil u senger Alstad gehaangen, un hirer Kierch, um Kreizgank, un hire wénkelegen Haiser an un hiren enke Gaassen, duerch déi en dacks gaangen ass. Schrëtt fir Schrëtt, gemälleg an iwverluecht. Iwwert d'Famillje wousst de Gust Bescheid wéi keen zweeten, an an der Nout gouf e gär ém Rot gefrot. Wiville Leit hie gehollef huet, dat weess onser Herrgott eleng. Dofir ass et net verwonnerlech, datt de Gust Hoffmann an de Fëschmaarter Vereiner iwerall derbei wor, an datt sei Wuert a sei Rot mat Respekt ugehéiert goufen.

An desem Noruf wëllt de Comité Alstad besonnesch ervirhiewen, wéi de Gust sech zénter Joeren agesat huet, fir d'Fester um Fëschmaart émmer méi schéin ze maachen. D'éischt emol, wéi d'Stater Festcommisioun de „Cortège lumineux“ fir Groussherzoginsgebuertsdag ageféiert huet. Den Alstater Won wor allzeit zu groussen Deeler dem Gust sei Verdéngscht. En huet net gerout an net gerascht bis en d'Suen zesummen hat. Deeg laang, Trap op Trap of, vum Bock bis un de Gruef, huet en se gesammelt, mol wéineg, mol méi. Nuechten duerch wor hien um Trapp an an der Wal bis datt de Won, „sei Won“, fäerdeg do stong, mat sengen dausend Liichtercher. Wéi stoltz ass en dann hannendru gaangen uechter d'Stad, a mat wellechem Gléck huet en da virum Palais op „Si“ eropgekuckt a mam Hutt déif salutéiert.

Zénter 1935 besteht de Comité Alstad, dee sech énner anerem virgeholl hat, d'Éimaischen, déi um Verkomme war, erëm ze beliewen. Vun Ufank u wor de Gust derbei an huet mat Rot an Dot déi Belieuung bedriwwen: d'Gerëschts op der Plaz, de Verkaf fir d'Croix Rouge a spéider fir d'Crèche, d'Kannerspiller, d'Musek, émmer wor en derbei. Scho vu Chrëschtdag un huet e seng Komerode gedirängelt: „Wat maache mer dést Joer fir d'Éimaischen? Et géif bal Zeit, sech ze begannen.“ Wéi e Gaascht vun der Alstad géif sech net mat Freed erënneren un déi Gellecht, déi virum Krich op Éimaischer Owend énnert de Steiler wor, wou de Gust deemols gezaapt huet? Esou echt stackstater gouf sech zénterhir net méi ameséiert. De Furri, dat Gewulls, dat Gejeitz an dat Gelaachs! Et gouf gesongen, all zesummen, Schnoke goufen erzielt, an de Gust, den Här vum Haus, huet d'Aen zougepëtzt a geschmunz. Esou wor et richteg, wéi fréier: propper, fein, häerzlech a riichteraus.

Nom Krich gouf et méi roueg. Ma d'Éimaischen huet net ofgeholl. De Verkaf zu Gonschte von der Crèche huet de Gust an d'Hand geholl. Mëttes wor d'Keess voll, an d'Sue si mat Dausenden den aarme Kanner zeguttkomm. An Owes, wann d'Präisser vun de Kannerspiller verdeelt goufen, wat hat de Gust do eng Gléckséilegkeet, wann en alle Kanner, deene klenge wéi deene groussen, eppes an de Grapp konnt drécken. De Kanner hir blénkeg Aen woren him de schéinste Merci fir all seng Méi. Esou huet de Gust de Comité Alstad, deen e gehollef hat grënnten, all déi Joeren énnerstëtzzt. Esou huet e mat gebaangt a geplangt, matgehollef a gedunn. E Merci huet en ni gewollt.

Dee Merci wölle mir him elei an aller Ëffentlechkeet u sengem Graf ausdrécken.

De Comité Alstad

Quellen: Luxemburger Wort vum 11. November 1960




Am Café „Ënnert de Steiler“ gouf den Objet 1954 virgestallt.

Vu lenks no riets: Madame ?, den Här ?, den Hoffmanns Gust (Comité Alstad), den Léon Nosbusch (Atelier Nosbusch) an den Jos. Parmentier (Comité Alstad).

Photo. T. Mey © Photothéik Stad Lëtzebuerg

Les travaux de construction dans l'ancienne clinique Saint-François entre 1867 et 1930

Après avoir évoqué les anciennes constructions dans le bulletin d'été 2022 (nr 35) du comité alstad quatre bâtiments qui formaient jadis l'îlot des pères dominicains, intéressons-nous aux débuts de l'ancienne clinique Saint-François, ce qui nous amène à mentionner trois bâtiments réalisés après 1867 (les bâtiments D, F et G).



A, B, C et E datent du XVIIe et du XVIIIe siècles : Les bâtiments D, F, G sont évoqués ici plus en détail.
Source : dessin HLG, 2012

Pour rappel, l'ancien couvent des Dominicains accolé à l'église Saint-Michel, a été acquis par François Joseph Carcher en 1798, selon la vente publique d'aliénation des biens ecclésiastiques. L'héritage Pondrom-Carcher, sans descendance directe, va être vendu en date du 11.07.1860 par la famille

héritière Paquet aux sœurs franciscaines de la Miséricorde pour une somme de 135.000 francs.

Après une première installation des sœurs et d'orphelins en 1861 sur les lieux, c'est en mai 1867, sur l'instigation de Madame Pierre Pescatore, que la première clinique pour les maladies des yeux a ouvert ses portes dans une aile de l'ancien couvent, placée sous la direction du Dr Hartmann. C'est l'époque du démantèlement de la forteresse dont la Clinique est impliquée au niveau de la mise en place du nouveau chemin de la corniche.

Une bonne vingtaine d'années plus tard, des travaux de rénovation sont réalisés au niveau du cloître et dans la mise en place d'une cuisine, située du côté de l'ancienne ruelle. La cuisine est raccordée à l'eau courante.

En 1894, les projets d'agrandissement de l'architecte Gustave Serta né à Wasserbillig portent sur l'embellissement de l'espace public côté Marché-aux-Poissons. Il réalise un grand bâtiment à trois étages (la lettre D) à l'emplacement de deux maisonnettes jadis accolées contre le cloître (LW 1894 11 23). La ville fait don d'une bande de terrain, pour pouvoir réaliser un alignement droit de cette nouvelle construction (acte notaire Welbes 22.12.1894). C'est ainsi la cinquième bâisse agrandissant l'ancienne clinique.

L'inauguration officielle de la clinique, alors dénommée « Clinique Saint-François » a lieu le 1.1.1896. La nouvelle construction avait coûté presque 74.000 fr. Les statues protectrices des saints François et Antoine de Padoue trônant au-dessus du grand portail d'entrée ont été inaugurées le 30.5.1896, à la veille de la fête de la Sainte Trinité et sont encore en place.

La maison directement accolée à la propriété du côté de la corniche, appelée maison Beyer a été acquise par adjudication publique le 17.3.1897, tandis que l'autre partie de cette maison double, accolée jadis à la maison de Cassal de la rue Large, appelée maison Quaring, n'est acquise qu'en 1928 par les sœurs, ce qui leur permet d'y construire un nouveau bâtiment (lettre F).

Pour pouvoir faire face à une demande de logement des sœurs, c'est en 1899, qu'un nouveau dortoir est érigé grâce au rehaussement de l'aile sud (B) joignant l'église Saint-Michel.

Le sixième bâtiment dans l'ordre chronologique concerne la construction d'une nouvelle chapelle (lettre G) qui prend place entre l'église Saint-Michel et la grande maison baroque. Les travaux ont commencé en 1900. Les problèmes statiques rencontrés en raison de failles dans la roche, ont fait que pour la chapelle a dû être érigée un grand arc de décharge, suite aux observations que les fondations de la roche se trouvent par endroits à 14 mètres de profondeurs. Or, les travaux de fondations avaient déjà absorbé l'entièreté du budget (56.000 fr.) prévu pour la construction de la chapelle. La pose de la première pierre sous la forme d'une pierre en forme de croix et d'une petite boîte en verre ont été emmurées sous l'un des piliers de l'abside, le 30.4.1901 par l'évêque Jean-Joseph Koppes. La chapelle a été inaugurée par Mgr Bernard Haal le 24.11.1901 et consacrée au Sacré Cœur et à la Vierge Marie. Des travaux de décoration de peinture faites par Charles Fagina de Verviers ont pu donner à la chapelle le style du XVIIe siècle. Or cette peinture n'était plus en place, quand la chapelle avait été désacralisée au début des années 2010 au moment du début de reconversion en logements privés. En 1906, les investissements importants concernent l'installation du chauffage central et l'équipement médical.

Avec la construction de la maison mère au Belair en 1921, la clinique est restructurée et l'architecte Kerschgens de Cologne est mandaté pour réaliser les adaptations nécessaires. L'architecte avait déjà travaillé pour les Sœurs dans l'ancienne clinique Saint-Joseph, face à la clinique Saint-François. Ici, les anciennes salles d'instruction et salles d'étude laissent la place au nouveau service de radiologie. Également en 1921 est construit le hall déambulatoire contre l'aile du cloître côté rue Large pour élargir le bâtiment. Le grand escalier en terrazzo qui forme la jonction entre le cloître et la maison baroque fait également parti de cette importante transformation.

En 1930, pour honorer le 50e anniversaire de décès de « Mutter Franziska » fondatrice de la congrégation luxembourgeoise des sœurs Franciscaines, de son vrai nom Anna Dufaing d'Aigremont, est édifié le septième bâtiment (lettre F). Il s'agit d'une construction moderne en béton armé et comporte des balcons donnant sur la corniche.

Après 150 ans d'années de services dévoués, les sœurs ont quitté le bâtiment le 06.3.2011.

Isabelle Becker

Sources :

Chronique manuscrite des sœurs franciscaines,
André Heiderscheid, Vor 100 Jahren wurde die erste Klinik am Fischmarkt eröffnet, Luxemburger Marienkalender Jg.
86(1967), p. 132-136
Isabelle Yegles-Becker, Claude Esch, Carlo Hommel, Luxembourg Alstad, ed. Schortgen, 2012

E puer Biller vun der fréierer Franziskanerklinik



Rue de la Monnaie



1956 Rue de la Monnaie
(Photo: onbekannt © Photothèque VDL)

Den 1. Juni 1854 huet d'Stater Gemeng e Reglement geholl iwwert d'Bezeichnung vun de Stroossen an iwwert d'Hausnummern. Virdru waren d'Haiser an de verschiddene Quartiere vun der Uewerstad wéi och an de Virstied Gronn, Clausen a Pafendall riichtduerch nummeréiert . Den 29. Mäerz 1825 huet de Gemengerot, deen deemools Conseil de Régence geheesch huet, d'Leit nach eng Kéier drunn erénnert, hir Nummereschélder op den Haiser ze erneieren. An der Uewerstad huet déi Numerotatioun an der Neipuertsgaass ugefaangen a mat der Zuel 570 am Breedewee opgehalen. Et fält op, datt dat deeselwechte System ass, wéi en am Urkadaster aus där Zäit besteet, an dee bis haut nach mat Ännerunge bääbehale ginn ass. Wann ee bedenkt, dass 1825 just e „rappel à l'ordre“ war, also den Numerotatiounssystem schonn éischter bestan huet, kéint ee mengen, dass sech de Kadaster um Numerotatiounssystem vun der Stad

Lëtzebuerg inspiréiert huet. Loosse mer awer mol déi Spekulatiounen, well d'Opposition vun dem Grondbesëtz geet op franséisch Dekreeter vu 1791 zeréck, déi dann am neien Departement des Forêts émgesat si ginn, an duerno énnert dem hollännesche Regime weidergefouert goufen.

Mee komme mer rëm zeréck op d'Mënzenegaass. 1854 krut all Strooss seng eegen Numerotatioun, grued op der enger Säit an ongrued op der aner Säit.

Mat dem Reglement vun 1854 sinn och e puer nei Stroossennimm agefouert ginn. Virdrun huet d'Gemeng sech beim François Xavier Wurth Paquet, dem deemolege President vum ieweschte Geriichtshaff an och Präsident vun der Société archéologique (der haiteger Section historique vum Institut grand-ducal) Rot ageholl. Hien huet den 9 Abrëll 1852 seng „Observations sur les dénominations à donner aux rues de la ville“ eragereecht. Iwwert d'rue de la Monnaie schreift hien :

« 17. Rue de la Monnaie ; entre les propriétés du sieur Schlink, l'atelier monétaire y était établi jusqu'en 1795 »

Scho virdrun hat de Wurth-Paquet iwwert d'Stroossennimm geschriwwen, an zwar seet hien 1849 an engem Artikel » Noms de la Ville de Luxembourg, de ses faubourgs, de ses rues, portes et places publiques » aus de Publications de la Société pour la recherche et la conservation des monuments historiques dans le Grand-Duché de Luxembourg (déi haiteg PSH) dat elei op Säit 105 :

8. Rue de la Monnaie. Cette rue a été ainsi nommée il n'y a pas longtemps parce que anciennement *l'hôtel de monnaie* s'y trouvait. On lit dans le cartulaire de 1631, p. 110 : « que dans la ruelle derrière la boucherie et vis-à-vis de celle-ci était l'hôtel de la monnaie occupant tout le côté est de cette rue » et page 109 : « Le 24 mars 1632 est comparu le notaire Jean Berchem, lequel a déclaré que la maison où il loge est celle où *soulait être cy-devant* la maison de la monnayerie de Luxembourg, qui fust brûlée (en 1554 ?) avec plusieurs ustensiles

8. servant à icelle ¾ étant icelle située à la ruelle derrière la boucherie fesant un coing de la rue allant à la Chancellerie et de l'autre passant par devant la maison du Gouverneur (c'est-à-dire, le palais de justice) aujourd'hui). » La ruelle, très vulgairement désignée par Sch...gesselchen, figure dans les anciens actes sous le nom de Onckisgass ou Oncelsgass...La relation du monast. St. Esprit p.332, dit : « le jardin des frères mineurs conventuels s'étendait jadis par delà la nouvelle rue (rue du Curé) jusqu'à celle qu'on appelle Onckisgass, ou les anciens Comtes et Ducs de Luxembourg avaient une maison et en icelle faisaient battre monnaye. La dite rue est étroite et on y voit peu de maisons qui restent ; les autres sont en ruine, ou changées en étable »¹

Och wann do net alles stëmmt (d'Onckisgass ass eigentlech d'Lantergässelchen), sou ass haut gewosst, datt de Mënzelatier mat der Zäit op verschiddene Plazen an der Alstad war. Fir d'éischt an der Grofburg selwer, da virun der Nikloskierch an och an der Lantergässelchen. Mee d'Produktioun war ni ganz héich, a bis elo huet d'Archeologie keng Spuere vun déser Aktivitéit an der Stad fonnt.² Dat ass och de Fall vum Haus 1, rue de la Monnaie, wat no 1854 an den Zielungen opdaucht. D'Haus mat der Kadasternummer 332 gëtt herno mat dem Haus Zinnen um Eck mat der rue du Palais de Justice zesummegeschloen. D'Fouillen vum Fonds de rénovation de la Vieille Ville konnten déi historesch Mentiounen net confirméieren, well déi haiteg Konstruktions déi fréier Bausubstanz ersat hunn.³

De Wurth-Paquet, e Fëschmaarter, ass bestëmmt dacks um Wee fir op d'Aarbecht duerch déi Gässelche gaangen, a wousst vu wat dass hie géing schwätzen, wéi hien a sengem Artikel deen anere lëtzebuergeschen Numm genannt huet; déi hygienesch Zoustänn an der enker Festungsstad waren deemools jo net déi allerbescht. Wéi de Journalist Aschmann virun ca. 30 Joer dës fréier Bezeechnung zitéiert huet, ass eng vive Reaktioun vun der Amicale Fëschmärter komm, déi fir de gudde Ruff vum Quartier gefaart hunn.

Am Joer 1858 fanne mir am Awunnerverzeechnes vun der Gemeng 4 Familljen mat am ganzen 19 Leit am Haus 1, rue de la Monnaie. Am Verzeechnes vun 1868 komme mer op 6 Stéit mat 17 Leit. Et sinn Zuelen, déi een sech haut kaum nach virstelle kann, a sech freeet wou a wéi déi all gewunnt hunn.

Dorënner 1868:

Famill Henrion Jacques, cocher, Famill Schneider Nicolas, commissaire de police, Famill Fischer Eugène, vétérinaire. Aus der Famill Fischer vun Zéisseng stamen och den Adolphe an de Jules Fischer, si waren allen zwee Buergermeeschter vun der fréierer Gemeng Hollerech an hunn och eng Strooss an der Stad, déi hiren Numm dréit.

Wa fréier d'Landeshäre konnte Geld präge loassen, sou ass dat haut net méi de Fall. Bis déi nei Verfassung am Juli 2023 a Krafft trëtt, huet de Grand-Duc laut Artikel 39 „Le droit de battre monnaie en exécution de la loi“, duerno verschwënnnt dësen Textpassage. Souwisou war dëst Recht (Deel vun de sougenannten droits régaliens) sou ze verstoën, dass de Grand-Duc d'Prerogative huet, sai Kapp op der Landeswährung ofzebilden. Zanter der Aféierung vum Euro, wou d'Schäiner a ganz Europa déiselwecht sinn, bleift dëst Recht nëmmen nach fir déi lëtzebuergesch Metallménzen.

Jean Ensch

¹ F.X. Wurth-Paquet: Noms de la Ville de Luxembourg de ses faubourgs, de ses rues, portes et places publiques. In : Vol V (1849) Publications de la Société pour la recherche et la conservation des monuments historiques dans le Grand-Duché de Luxembourg (déi heiteg PSH), S. 135

² François Reinert: Heinrich VII schlägt in Luxemburg In: Michel Pauly: Die Geschichte der Stadt Luxemburg in 99 Objekten, 2022 S. 53

³ Isabelle Yegles-Becker : De Fëschmaart 2002 S. 226

SCHÉIN
OUSCHTEREN





Agence d'Assurances
**VIC PURAYE SR. & JR.
ET ALEX SCHOMMER**

38, rue de Contern
L-5955 Itzig
Tél. : +352 48 73 85
puraye-schommer@agencefoyer.lu



jungblut.lu
galerie bijouterie


7, rue de la Boucherie
L-1247 Luxembourg



NIESSING
Kunst der Schmiede

"vous méritez de porter l'ORIGINAL"

Am Türrmschen



Au cœur de l'îlot Gastronomique
du Feschmaart
32, rue de l'Eau
L-1449 Luxembourg
Tél. : +352 26 27 07 33

